# TKJ Versammlung plus Coachen am QT Péiteng 11. Abrell 2023

**Present: Mireille, Alain, Sandy, Margot, Chris, Mil, Mandy P., André**
**Oofgemellt: Jean-Paul, Tom, Mandy K., Steve**

**Eis Demanden un den CA :**

1. **Assurance Spillerlizenz:**
Wéini graift déi, respektiv wat ass Prozedur fir en Accident / Verletzung ze deklaréieren ? Beispill: Den Tom war op der WM zu Oberthal blesséiert an ass aus fraiem Choix bei e Kiné gaangen mee kruut d'Rechnung vun der FLQ net rembourséiert. Also wier et wichteg ze wessen fir de Fall wou emol eppes geschitt wéi eng Prozedur an ze haalen ass.

2. **WM Training 15-16. Juli 2023 zu Düsseldorf mat Iwwernuechtung:**
Samschdeg sin d'Bunnen reservéiert vun 15-18 Auer
Sonndes sin d'Bunnen reservéiert vun 11-13 Auer
- Ufro Validation Hotel ? (Mandy huet d´Hotel provisoresch blokeiert iwwert Booking)
- Ufro 2 Deeg Jeton ?
- Ufro Cosl Camionette plus 1 Auto (km Geld)
Op deen Training sin och nemmen déi Spiller invitéiert déi fir d'WM nominéiert sinn.

3. **Jugend WM 1-7. August 2023 zu Düsseldorf**
- Ufro Validation Hotel ? (Chris kruut en Devis, gudden Prais gescheckt vun engem Kontakt aus Düsseldorf. Hien muss bis Enn Abrell zousoen)
- Ufro Jetons ?
- Ufro Cosl Camionette plus Autos (km Geld) ?
- Ufro 4 Coachen (Mandy, Chris, Mil, André) plus Präsidentin Mireille ?
- Ufro ½ Daag um Freiden Kiné op der WM ?
- Coachen an versch. Spiller brauchen en Ziedel vum Büro wou drop steet dass eng Jugend WM stattfennt zu Düsseldorf fir de Congé akkordeiert ze kreien beim Patron och wann de Congé sportif eréischt nodréiglech akkordéiert gett.

4. Op der Dammen/Herren WM zu Tréier kruuten Spiller 2 Hummel Fraizaittrikots plus Jacket an hun missten emmer Hummel undoen während der WM.
Wei gesait et bei der Jugend aus ? Kréien Sie Fraizait Hummeltrikots zur Verfügung gestallt oder kennen Sie och z.B. Kempa, Adidas, Jako,….usw. undoen ?

5. **Definitif Nominéiert fir WM sin:**
U18 Sam Ourth an Maurice Bourg
U24 Luca Wolter an Jerry Welter
**Nach an der Qualifikatioun fir d'WM sin:**
U24 Kim Pooters, Alain Blasen, Melven Olsem an Luca Jungers
Um nächsten Kadertraining den 7. Mee ginn weider Spiller nominéiert.

6. **Trikots fir Jugendspiller:**
Et gin blo Trikots bestellt bei eisem Sponsor Paquet fir Jugend U10-U18 iwwert Jugendkees mat Letzebuerg um Reck an FLQ Logo plus naien Jugend Logo als Drock. Et gin vun all Greissten puer Trikots weidergeholl well Kanner schnell erauswuessen. Mireille hällt di Trickots selver a kemmert sech em d'Wäsch. Dei gin just bei offiziell Kompétitiounen oder extra Evenementer vun der TKJ ausgedeelt. Eis U24 Spiller kreien weiderhin di rout offiziell

7. **Jugend Logo fir op Trikots, offiziell Resultater, Facebook FLQ Jugend**
   Den Tom huet 2 flott Logoen entworf an TKJ huet sech fir een entscheed an Schreft e bessi geännert an Mireille weist dem CA den Logo fir eng Validatioun ze froen.

8. **Nationalen Sprint 2024 zu Péiteng:**
   Wann TKN keen Sprint organiséiert wier TKJ an Zesummenhang mat de Coachen bereet de Nationalen Sprint ze organiseieren an sportlech ze leeden wann di 5 Euro Entrée pro Spillerumeldung plus Tombola an Jugendkees keint afléissen.
   Propositioun vun engem Datum: Sonndes den 21. Januar 2024

9. **Jugendterminer 2024 (Propose)**
   Jugendsprint U10 U14 U18 den 28. Januar 2024
   Eenzelméeschterschaft U10 U14 U18 den 25. Mee 2024

10. **12ter Klatzen:**
    Mir haaten 9 kleng Klatzen fir eis U10 Spiller, leider kruuten mir der 2 geklaut vun privaten Leit. Mireille an Marcelline hunn eng Plaatz festgeluecht wou mir di kleng Klatzen lo emmer extra araumen fir dass privat Leit netmei do drun kommen. Fir eis Eenzel Final U10 braischten mir aver 8 Klatzen. Wier et méiglech beim Irle 1 Klatz noozebestellen w.g.l. ?

11. **Training Schlenner:**
    Mir haaten 5 Jugendtraininger zu Schlenner, 1 hun mer missten oofsoen weinst just 3 Umeldungen an di läscht 3 Traininger waren just 4-5 Spiller présent. Eltren fueren net gär mat deenen Klengen op Schlenner well et hinnen ze wait ass, zu Peiteng sin se allerdengs baal emmer all präsent. An der nächster TKJ Sitzung kéinten mir eis festléen op Jugendtraining zu Schlenner nach Senn mecht fir di Kleng.
    Waat eis U24 ubelaangt diskutéieren Traineren noo der WM wei se hieren Training fir di nai Saison gestallten, Traineren wellen opallefall deen intensiven Kadertraining 1 Mol de Mount Sonndes Mettes baibehaalen.

**Weider Infos:**

12. **Programm Jugend EM 24. Juni 2023**
    14:00 U10 weiblech a männlech
    15:00 U14 weiblech
    16:00 U14 männlech
    17:00 U18 männlech
    18:30 Siegeréierung all zesummen

13. **Medaillen plus Coupe Jugend EM**
    TKJ kemmeren sech em Medaillen fir d´EM
    Den André huet proposéiert fir di 1. Plaatz eng Coupe Iwwereeschung zousätzlech zu hierer Medaille well et eng Kinneksdisziplin ass als Extra Unerkennung. TKJ hunn daat ugeholl an kucken daat intern waat se kennen maachen.

14. **<u>Op Nationalfeierdaag den 23. Juni 2023 fennt den Jugendausfluch statt.</u>**
    TKJ huet e grousse Bus 48 Plaatzen vun Emile Weber organiseiert fir zesummen an den Phantasialand ze fueren (Spiller, TKJ, Coachen, Elteren, Geschwester) Mannerjähreg Kanner mussen eng Begleedpersoun matbrengen. Mir sin de Moment zu 33. De Prais vum Bus gett vun der TKJ nach intern festgeluecht. Entrée vum Park huet 38 Euro kascht anstatt 54 Euro duerch en Aktionsprais deen bis Enn März war. Wien lo nach baikennt kascht d´Entrée 54 Euro.

15. **<u>Promo Video:</u>**
    Den Tom ass op eisem Training filmen komm fir en Allgemengen Promo Video ze maachen iwwert eis Jugend. Hien ass aver mat der Qualitéit net ganz zefridden. Den Video ass aver Tip Top aver nach net ganz färdeg. Den Tom sicht nach no Léisungen.

16. **<u>Badge:</u>**
    Mireille kruut e Badge fir an d'Keelenhaal eranzekomm deen aver de Moment de Mil huet well hien emmer als 1. Um Training do ass Sonndes mueres.
    TKJ brauch aver och e Badge bei evtl. Versammlungen oder Virbereedungen vun Evenementer.
    Wier et meiglech dem  Mil en Badge unzefroen als Responsabelen vum Badge fir Coachteam, dann hätt TKJ an Coachteam e Badge ?